

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. November 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** (Art. 81) parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

D'Modalitéite fir d'Ufroe vun engem Referendum gesi vir, datt all Lëtzebuenger Staatsbierger, deen op der Wallëscht fir d'Legislativwale agedroen ass, d'Recht huet, op senger Gemeng ze ënnerschreiwen, fir e Referendum unzufroen. D'Prozedur fir sech fir de Referendum iwwert d'Verfassung anzedroen, geet dëse Freideg, den 19. November, lass.

Elo ass et awer sou, datt och eng ganz Rei Lëtzebuenger Staatsbierger, déi offiziell op de Wallëschte fir d'Legislativwale opgefouert sinn, sech am Ausland ophalen. Et handelt sech virun allem ëm Persounen, z.B. Studenten, déi zwar momentan am Ausland wunnen, déi awer nach hiren offizielle Wunnsätz zu Lëtzebuerg hunn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Gi Lëtzebuenger Staatsbierger, déi zwar momentan am Ausland wunnen, déi awer nach hiren offizielle Wunnsätz zu Lëtzebuerg hunn, an iergend enger Form informéiert, respektiv, sensibiliséiert, fir vun hirem Recht Gebrauch ze maachen, sech op der Gemeng fir d'Referendumsprozedur anzedroen?
2. Plangt d'Regierung, fir deene Lëtzebuenger Staatsbierger, déi zwar momentan am Ausland wunnen, déi awer nach hiren offizielle Wunnsätz zu Lëtzebuerg hunn an domat och op enger Wallëscht agedroe sinn, mat administrative Facilitéiten entgéintzekommen, fir et hinnen esou einfach wéi méiglech ze maachen, sech op der Gemeng fir d'Referendumsprozedur anzedroen?
3. Wa jo, wéi sollen dës administrativ Vereinfachunge konkret ausgesinn an a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun deenen Demarche gerechent ginn?
4. Eng Rei vu Lëtzebuenger, déi am Ausland wunnen, hu keng Adress méi zu Lëtzebuerg, mee sinn awer de Lëtzebuenger Ambassaden oder Konsulater bekannt. Gi si iwwert déi aktuell Referendumsprozedur no Artikel 114 vun der Constitutioun informéiert a wéi a wou kënnen si sech aschreiwen, fir dës Prozedur ze ënnerstëtzen, sollte si dat da wënschen?

5. Wéi presentéiert sech d'Situatioun vun deene Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen, déi keng offiziell Adress méi zu Lëtzebuerg hunn an déi och net op enger diplomatescher oder konsularescher Verriedung enregistriert sinn? Kënne si sech iergendwou aschreiwten, z.B. bei der Gemengeverwaltung vun der Haaptstad, wa si e Referendum wëllen ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, der Madamm Innenministesch, an dem Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n° 5230 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser iwwert d'Prozedur vum Referendum fir d'Lëtzebuurger déi am Ausland wunnen.

1. Den Artikel 8 vum ofgeännerte Gesetz 4. Februar 2005 iwwert de nationale Referendum gesäit vir datt d'Gemengen d'Wieler déi an hirer Gemeng domiciliéiert sinn, "par toute voie appropriée, mais en tout cas par voie d'affichage" müssen driwwer informéiere wéi se eng Ufro fir d'Organisatioun vun engem Referendum kennen ënnerstëtzen. Ofgesi vum Affichage an der Gemeng ass et also all Gemeng selwer iwwerlooss ze entscheiden, ob se d'Wieler och nach iwwer en anere Wee wëll informéieren.
2. Den Artikel 10 vum ofgeännerte Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwert de nationale Referendum gesäit vir datt déi interesséiert Wieler sech perséinlech müssen op d'Gemeng deplacéiere fir sech op der Lëscht anzuschreiwen. Des Measure soll garantéieren, datt déi Leit, déi sech op de Lëschten aschreiwen, och déi néideg Konditiounen erfëllen. Eng Vereinfachung vun dëser Prozedur setzt eng Ofännerung vum Gesetz viraus.
3. Cf. Äntwert op d'Fro 2.
4. Laut dem Artikel 12 vum ofgeännerte Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwert de nationale Referendum, sinn déi Lëtzebuurger autoriséiert d'Lëschte fir d'Organisatioun vun engem Referendum ze ënnerschreiwen, déi den Dag virum Ufank vun der Period vun der Ënnerschrëftesammlung, dat heescht an dësem Fall den 18. November 2021, op de Wielerlëschte fir déi legislativ Walen ageschriwwe sinn.

Lëtzebuurger déi am Ausland wunnen a kee Wunnsätz zu Lëtzebuerg hunn, sti bei de legislative Walen net d'office op de Wielerlëschte mee sinn, laut dem Walgesetz, nëmmen zu de Walen zougelooss wann se sech fräiwëlleg dozou entscheede Bréifwal un ze froen. Dëst huet also zur Konsequenz datt Lëtzebuurger déi am Ausland wunnen a kee Wunnsätz méi zu Lëtzebuerg hunn, den Dag vum Arrêt vun de Wielerlëschten net op dësen ageschriwwe sinn an domat eng Ufro fir d'Organisatioun vun engem Referendum, fir déi se sech perséinlech op d'Gemeng missten deplacéieren, dem Gesetz no net kënnen ënnerstëtzen. Vu datt et sech beim Androen op den Ënnerschrëftelëschten ëm eng fakultativ Demarche handelt a net ëm d'Ausübe vum aktive Walrecht, ënnerscheet sech des kloer vum Referendum selwer, wou d'Participatioun fir d'Wieler déi op de Wielerlëschten ageschriwwe sinn oder ginn, obligatoresch ass.

Eng spezifesch Informatiounscampagne fir d'Lëtzebuenger déi am Ausland wunnen ouni e Wunnsätz zu Lëtzebuerg ze hunn ass domat also och net néideg.

5. Cf. Äntwert op d'Fro 4.

Lëtzebuerg, den 16. November 2021

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL